Begréissen :

Här Patrick Goldschmidt, Schäffe vun der Geméng Lëtzebuerg

D'Gemengeconseilleren d'Mme Vroni Krieps DP, d'Mme Marcelline Goergen ADR, den Här Guy Foetz déi Lénk

den Här Paschtouer Romain Kroeger,

den Här Henri Oé Commissaire en Chef an den Här Patrick Weyrich vun der Police vum Proximitéitskommissariat Gaasperech,

den Här Jean Kremer, Vertrieder vun der asbl natur & ëmwelt

den Här Jean-Marc Fisch, President a D'Mme Patty Willkomm Sekretär vum Zéissenger Interesseveräin,

d'Vertrieder vun de Gaasperecher Veräiner : Harmonie Gasperich, FC Tricolore Section de Marche, d'Amicale vun de Scouten, d'Oeuvres paroissiales, LGS Gaasperech, Chantres de Ste Thérèse, Société Chorale Fräiheet; d'Amiperas, d'Fraen a Mammen a Gaart an Heem.

Entschëllegt sinn:

Damme Isabel Wiseler an Martine Mergen vun der CSV,

D'Conseilléire vun der Geméng vun der LSAP, Madame Cathy Fayot, d'Häre Marc Angel, Armand Drews an Tom Krieps, déi den Owend d'Generalversammlung vun der LSAP section Zentrum hunn,

den Här François Benoy vun Déi Gréng,

den Här Joël Delvaux vun Déi Lénk,

den Här Fernand Bartemes, Präsident vun der Gaasperecher Musek

Villmools Merci, datt Dir haut den Owend bei eis komm sidd.

Dir Dammen an Dir Hären!

De Comité huet sech d'lescht Joer direkt no der Generalversammlung nei formëiert. Duerno si mir 4 mol am Comité zesumme komm.

Mir waren am Service vun der Bautepolizei, fir déi verschidde Projete'en déi sollen an eise Quartier kommen, ze gesinn, notamment wéinst dem Ban de Gasperich an dem neie Projet rue Richard Wagner/rue Mozart. Mir ware vertruede wéi den 13. Mee 2015 de neie Foyer scolaire an der Gaasperecherstrooss ageweiht ginn ass. De 16 Mäerz 2015 ass am Théâter d'Reorganisatioun vun de Busréseaux'en virgestallt gin an eng Reunioun "Transports" war de 05 Mee zu Bouneweg.

Mir waren den 21. Mee, den 03. Juni an den 26. Juni 2015 beim Promoteur Grossfeld vum Ban de Gasperich wou mir déi verschidde Projets'en virgestallt kruten.

De 24. September 2015 ware mir mat de Servicer vum Bus vun der Stat Lëtzebuerg zesumme fir iwert Konsequenze fir Gaasperech ze schwetze wat dat neit Buskonzept mat sech bréngt.

Mir waren de 16. Dezember 2015 op der Reunioun zu Zéisseng wou mir iwwert Opfankstruktur vun de Refugiés'en am Monopolsgebäi op der Escherstrooss vun der Familljeministesch an de Gemengenautoritéiten après coup informëiert gi sinn. Mir kruten och eng Invitatioun vun der Gemeng fir op d'Receptioun vum Nationalfeierdag.

Mir si verschiddenen Invitatioune vun der asbl natur & ëmwelt gefollegt. Mir waren um Neijooschpatt, um Partnermeeting den 11. November 2015 an op der Generalversammlung zu Biergem de 14. Mäerz 2015. Natur & ëmwelt organiséiert e.a. d'Fest am Haus vun der Natur, den nationalen Dag vum Bam eng Campagne déi vum 1. Abrëll bis den 31. August leeft.

Vum Jugendhaus krute mir e.a. Invitatioune fir op d'Quartéiers'fest.

Mir kruten eng Invitatioun vum CLAE fir op de Salon des Migrations an de Salon du Livre an mir waren vun Rahna invitéiert fir op Remise vun de Muppen dobäi ze sinn. Leider ass dat awer net ëmmer méiglech, wéi z.B. bei Rahna hate mir Owes eis Soirée, et war schued well deen Dag huet de Joël Delvaux säin nei Mupp Happy offiziell iwwerreecht kritt.

Mir ware an der Generalversammlung vum Zéissenger Interesseveräin.

Dann krute mer am Laf vum Joer Invitatioune vu ville lokale Veräiner fir op hir Generalversammlungen an hir Manifestatiounen, wou mir och sou gutt ewéi méiglech vertruede waren. Mir waren bei de Feierlechkeeten dobäi vum 20. Anniversaire vun der Amicale vun de Gaasperecher Scouten.

Wéi déi Joere virdrun, hate mir den Dag vun der Commemoratioun nationale organiséiert. No der Mass ass beim Monument eng Gerbe vun de Veräiner néiergeluecht ginn. Fir d'musikalescht Encadrement huet ee jonken Trompettist den Philippe Colling an d'Chantres de Ste-Thérèse gesuergt. Vun hei aus e grousse Merci. Duerno war eng kleng Receptioun hei am Sall, wou den IVG den Éierewäin offréiert huet. En häerzleche Merci geet un Frënn vun de Gaasperecher Scouten, déi sech ëm de Service gekëmmert hunn souwéi un all déi Veräiner déi un deem Dag participéiert hunn.

Mir waren an der Preparatiounsversammlung vum Chrëschtmaart esou wéi an där wou de Bilan gemaach ginn ass. Mir hunn och un der Remise vum Don deelgeholl. Mir hunn um Chrëschtmaart de 05. Dezember matgemaach a konnten duerch den Verkaf vun Tombolasbilljets'en eng confortabel Zomme erabréngen. Den Erléis vum Chrëschtmaart 2015 geet un de Centre d'Intégration Scolaire an un d'asbl Le rêve du Petit Prince. Eng flott Iddi war et wéi de Kleeschen op de Chrëschtmaart komm ass an Kléng a Grouss souwéi d'Véierbéener beschenkt huet.

Mir hunn wéi an de virege Joeren de Kalenner vun de Manifestatiounen opgestallt. En décke Merci geet un d'Mme Fritz vun den Oeuvres, d'Hären Guy Herr vum FC Tricolore section de marche, Charel Bechet vun de Scouten an Pol Silvestri mat der Equipe vum Dëschtennis, déi de Membere vum Interesseveräin gehollef hunn dëse Kalenner am Quartier auszedroen.

Mir haten den 28. Februar 2015 de Cabaret Batter Séiss mat hirem Programm "Laache mir" invitéiert. Et ass vill gelaacht ginn an et war e volle Succès. E grousse Succès war och den 14. November wéi d'Schanzer Cabarotiker opgetruede sinn mat hirem Programm "Alles am Becher".

Mir haten de 18. Oktober e Benefissconcert mat der Militär Musek ënnert der Leedung vum Majoer Jean-Claude Braun an der Kierch organiséiert. Duerfir en häerzleche Merci un den Här Paschtouer deen eis Kierch zu deem Zweck zur Verfügung gestalt huet. Et war e flotte Concert ënnert dem Motto "vun der Uewerstad duerch Stroossen vun Gaasperech, d'Musekerstroossen also an um Programm stoungen Wierker vun Christophe Willibald Gluck, Wolfgang Amadeus Mozart, Franz Liszt, Jempi Kemmer a Giaocchino Rossini. Den Highlight war dann d'Marche triomphale aus Aida vum Giusseppe Verdi. Den 22. Februar kënne mir en Don vun 1.400 € un d'asbl Blëtz iwwerreechen.

En häerzleche Merci vun hei aus der Famill Valentiny vun der Firma Joleka aus der Gaasperecherstrooss, der Firma Breger aus der Industriezone, der Tankstell Q8 op der Escherstrooss, der Firma ISOMONTAGE aus der Vesquestrooss an de Caves Desom vu Réimech, déi eis finanziell a materiell ënnert d'Äerm gegraff hunn. Merci och all deenen Leit déi eis Kadoen fir an d'Tombola gespent hunn.

E grousse Merci awer och un d'Leit aus dem Comité souwéi un déi, déi eis ëmmer eng Hand mat upaken, Merci Hilde, Lis, Luc, Sven, Helène an d'ganz Equipe an de René, déi bei eise verschiddenen Organisatiounen gehollef hunn.

Den 12. November 2016 steet hei am Home de Cabaret “Makadammen” op der Bühn mat hirem neie Programm “Turlatäin” deen am Oktober Première feiert, wann der nach net reservéiert hutt kënnt dir dat hei maachen, den Entrée ass 20.- €.

Dann zum Detail vun eise Korrespondenzen a Suivi’en an de verschiddenen Dossiere’en:

Den Immeuble, 111, Gaasperecherstrooss – 169, Escherstrooss

D’Gebai wiisst : de Projet gesäit e ronnen Eck fir mat 7 Niveau’en an zur Säit vun der Gaasperecherstrooss solle 5 Stäck kommen. Et sinn am ganzen ongeféier 22.000 m^2 an ongeféier 100 Parkplazen.

Den Immeuble 193, route d’Esch / Eck Pensisstrooss

Nodeem dat d’Gebai ofgerappt ginn ass leit en Accord de principe fir en Immeuble à destination mixte vir. Et ass e rez-de-chaussée a 4 Stéck plus 1 Retrait virgesin op enger Längt vu 16 m, wat iwwer 16 m erausgeet ginn 2 Stéck manner gebaut. Am Moment sinn am Rez-de-chaussée Kommerze virgesin an um 1. Stack deelweis Büroen. Entrée/Sortie vun de 26 ënnerierdeschen Emplacementer sinn an der rue Pensis.

Dann ass och nach eng Autorisatioun fir en Immeuble à usage mixte op 171, route d’Esch eraus.

A long terme soll d’Escherstrooss vum ale Foyer aus bis bei Letzebuerger Wort e Gabarit kréien vun 23,5 m.

D’Gebai 18, rue Père Raphaël – 9, rue Christophe Plantin

Do konnt een bis den 31. August seng Doléancen eraginn. D’Baugenehmegung ass den 10. September erausgaangen. Mir hate gefrot wat géif an dat Gebai kommen du krute mir als Äntwert et wär en administrativt Gebai an Stockagesurfacen. En Aldi géif nach dran installéiert ginn. Wat awer an den Stockagesurfacen géif stockéiert ginn konnt keen eis soen. D’Kommodo-incommodo Prozedur ass elo ausgeschriwwen an et kann een bannen 40 Deeg reklaméieren.

D’Reht II.

Do ass am Ament en Accord de principe eraus fir 2 Residencen, et leit awer nach eng Demande op der Gemeng fir nach weider 2 Residencen. E.a sinn och Familljenhaiser do geplangt.

Servitude d’interdiction de bâtir op verschidden Deeler vum Quartier

Wat servitude d’interdiction de bâtir op verschidden Deeler vum Quartier ugeet muss en elo bei der refonte vum PAG oppassen. Et handelt sech ëm d’Stroosse Briand, Clemenceau, Colomb, Franklin, Gasperich, Gluck, Mozart, Gutenberg, Liszt, Millewee a Richard Wagner.

De Projet rue Richard Wagner, rue Mozart an d’’Verlängerung vun der Hogenbergstrooss

An der Réunioun vum 12. September 2014 beim Schäfferot krute mir e Plang presentéiert vun engem Projet tëschent der Richard Wagnerstrooss an der Mozartstrooss. Et sinn ongeféier 380 Haiser virgesin, deelweis Familljenhaiser awer och Residencen. Et ass awer am Moment nach keen definitive PAP. Mir waren deemools erschreckt wéi mir gesinn hunn dat d’Hogenbergstrooss déi jo sollt ronderëm de Quartier weidergefeiert ginn a wougéint mir scho massiv reklaméiert haten all déi lescht Joren, elo an d’Richard Wagnerstrooss ugebonne gëtt an datt de Verkéier sech do soll am Quartier verdeelen. Mir hunn eis direkt gewiert a waren duerno nach eng Kéier an der Gemeng a kruten eng nei Versioun virgeluecht.

Mee dat ganzt geet nach méi wäit: déi nei Charles Darwinstrooss am Ban de Gasperich soll un rue Hogenberg ugeschloss déi dann géif an Richard Wagnerstrooss an an Aristide Briandstrooss erageleed ginn, sou dat den Trafic vum Ban de Gasperich deen vun der anerer Säit vum bd. Raiffeisen iwert

Bian, Lise Meitner an Leonardo Da Vincistrooss sowéi de bd. Kochelscheuer iwwert Charles Darwinstrooss an de Quartier Gaasperech geleet gëtt.

Vum leschten Haus an der Wagnerstrooss riichterop op d'Mozartstrooss zou géif dann eng nei Strooss gebaut ginn wou dann och nei Stroossen vum Lotissement géifen dobäi kommen. Mir froen eis wat dat soll : de ganze Verkéier kéint jo dann aus dem Ban de Gasperich, aus der Industriezone sowie aus der Aktivitéitszone, vun Zéisseng, Leideleng, Hesper iwwert den Howald duerch de Schläichwee eran, ass et dann net esou dat de plan sectoriel zone d'activité eng zone tampon vun 300 Meter virgesin huet, och wann déi Pläng elo op Äis leien, d'Industriezone ass scho souwisou eng Fehlplanung gewiescht a vill ze no beim Quartier muss dann elo de Verkéier vun der Cloche d'Or, wéi de neie Quartier elo genannt gëtt, och nach do eragekéiert ginn. Mir sinn der Meenung dat d'Hogenbergstrooss net däerf an de Quartier weidergefouert ginn, d'Bewunner déi an dat neit Lotissement komme brénge jo nëmme Lokalverkéier mat sech, mee et ass ganz sécher dat den Transitverkéier aus dem Quartier eraus muss. Mir wäerten eis dergéint wieren an hoffen op är Ënnerstëtzung.

Mir erënneren heimat d'Politik drun dat mir den 16. Mee 2003 dem deemolegen Buergermeeschter eng Petitioun mat 934 Ënnerschrëften iwwerreecht hunn wou mir schonn géint eng Ubannung vun der Hogenbergstrooss reklaméiert hunn. Mir erënneren och d'CSV an LSAP drun dat si déi selwecht Fuerderung an hiren Wahlprogrammer haten.

Mir fuerderen de Schäfferot op eis endlech een Projet ze presentéieren an net ze waarden bis no de Wahlen 2017 fir d'Kaz aus dem Sack ze loossen. Dat selwecht gëllt fir eng un déi jëtzeg Zäit ugepassten Gesamtetude vum Verkéier vum Südwesten vun der Stad.

Mir hu gefrot dat déi nei Strooss vun der Plantinstrooss op de bd Raiffeisen soll sou séier wéi méiglech realiséiert gi fir de Quartier ze entlaaschten. Leider ass dat réischt fir 2017 virgesin. Mir haten awer net gefrot dat genau déi Strooss soll de Quartier mat dem Ban de Gasperich verbannen.

Aus der Rue Raiffeisen entsteet een bd deen 48,5 Meter breet ass mat Couloirs'en fir den Transitverkéier, Bunnen déi fir d'Bussen an sougenannten "voies de desserte", déi, ähnlech wéi an der Avenue Kennedy um Kierchbierg, zu den eenzelnen Entrée'en vun den Gebäier féieren.

Mat dëser zentraler Achse kreitzt sech dann op der Héicht vum Akafszentrum, den neien Boulevard Kockelscheuer, deen 41 Meter bréet wäert sinn an iwwer je 2 Spueren pro Riichtung verfügt. Hien start op der Héicht vum jetzgegen "Rond-Point Gluck", deen jo soll ëmgebaut ginn an eng Kräizung mat Luuchten. Vun do aus kënnt een och bei den neien nationalen Rettungszentrum.

An enger spéiderer Phase soll dann de bd Kockelscheier bis bei den neien Foussballstadion verlängert ginn.

Dir kënnt iech jo elo virstellen wat dat géif fir de Quartier bedeiten wann d'Hogenbergstrooss soll un d'Wunnquartier ugebonnen ginn.

Dann zum Ban de Gasperich

D'Gemeng huet verschidden Terrain'en op der Cloche d'Or an op der Kockelscheier echangéiert déi fir de Foussballstadion, en P & R an den Tram reservéiert sinn. Nom Minister Bausch soll de P & R fir 2017 fäerdeg sinn. Weider Terrain'en si laanscht Raiffeisenstrooss echangéiert gi fir den neie bd Raiffeisen ze amenagéieren an d'Aarbechten sinn voll am gaangen. De PAG vun den Terrains'en wou de neie Foussballstadion soll hikommen ass reklasséiert ginn ouni Rücksicht ze huelen op eng weider Violatioun vun der zone verte interurbaine. Merci Joël fir deng Interventioun am Gemengerot. Merci och der asbl natur & ëmwelt fir hire Reportage am Regulus vum Juni 2015.

D'Käschten fir den neie Projet deen 9.595 iwwerdeckten Plaze soll kréien a wou ausser Football och Rugby soll gespillt ginn, belafen sech op ronn 58 Milliounen Euro. Da kommen nach 6,5 Milliounen Euro dobäi fir eng provisoresch Ëmleedung vun der Strooss. De Stadion gëtt nämlech do gebaut wou déi aktuell Strooss vun der Kockelscheier a Richtung Gaasperech verleeft. Den „Park & Ride"-Parkplaz

nieft dem Stadion soll 1.981 Plazen kréien souwéi en Busterminal. Da soll och nach den virleefegen Terminus vum Tram dohin kommen, déi bis 2020/21 bei de Stadion fuere soll.

D'Autorisatioun fir de Waassertuerm ass eraus an Terrassementsaarbechten hunn elo am Februar ugefangen.

De 24. Dezember 2015 ass d'Baugenehmegung fir den Immeuble A2 wat en Wunngebai mat 186 Wunnengen ass an um Rez-de-chaussée Bureau'en huet, wéi z.b. Assurance. Dat Gebai soll 2017 fäerdeg ginn. De m^2-Präis soll sech, ouni Parkplaz op 6.300 € belafen.

De selwechten Dag ass och d'Baugenehmegung fir den B1.1. d'Gebai vun Deloitte erausgaangen. Den neie Sëtz vun Deloitte setzt sich aus zwee Gebaier zesummen. En ëmfaast en 60 Meter héigen Tuerm mat 17 Etagen sowie een zweet Gebai vun 22 Meter mat sechs Stéck. E besonneschen Accent ass déi 400 m^2 grouss Terrasse mëtten am Tuermgebai. Am ganzen sollen 29.250 m^2 gebaut ginn, an enger éischter Phase kéimen 277 Parkplaze an de sous-sol mee et wär awer technesch méiglech 450 Plazen ze amenagéieren. Och hei sollen d'Aarbechten bis den November 2018 ofgeschloss ginn.

Den 19. Januar 2016 sinn Autorisatiounen fir Terrassementsaarbechten vun den Accès'en fir déi ënnerierdesch Parkingen vun deenen ganzen Bléck zur Säit vum bd. Raiffeisen erausgaangen.

Projete'en fir d'Terrassementsaarbechten fir de Lous B2.2. d'Gebai vun Alter Domus also, sinn den Ament an Instruktioun bei de Gemengeservicer. Dat Gebai soll 36 Meter héich gin an 11 Stéck kréien. Fäerdeg soll et den Juli 2018 sinn.

Donieft lafen dann nach commodo-incommodo-Prozeduren fir d'Gebai vum Auchan an vun Deloitte.

Wat elo de Chantier vum Auchan ugeet ass den 10. Juni 2015, no verschidden Verlängerungen vun den Accord de principen an vum Accord fir Terrassementsaarbechten ze maachen déi definitive Baugenehmegung erausgaangen. Geplangt sinn 130 Geschäfter op 75.000 m^2. Fir de Verglach: d'Belle Étoile huet 105 Geschäfter, d'City Concorde 112 an den Auchan Kirchberg 69. Den neien Auchan wäert eng Verkafsfläch vun 12.850 m^2 hunn. D'Liewensmëttelgeschäft ass am hallefënnerkellerten sous-sol an déi Lokaler am sous-sol wärten Geschäfter aus der Mëttelklass sinn wou dogéint um 1. Stack Geschäfter fir Luxusartikelen ze fannen sinn.

Um 1. Stack ass dann och eng „Food Hall" mat 12-15 Restaurante'en, déi och Owes wann de Supermarché zou ass op wäert sinn. Den Dach vum Gebai soll total begréngt ginn.

Op dëst Gebai soll dann och en duebelen Tuerm kommen vun 60 Meter Héicht, mat 14 Stéck. Den 1. Stack soll genotzt ginn fir z.B. en Fitnessberäich.

An den Tierm sollen 220 Wunnengen kommen déi am Fréijoer 2016 zum Verkaf fräi stinn, also avis aux amateurs.

Parkméiglechkeeten fir Client'en vum Akafszenter a fir Bewunner sinn am 4 stéckegen Parking. 250 Plazen sinn reservéiert fir Bewunner an 2.600 Plazen fir Clientë'en. De Parking ass via 3 verschidden Entréeën zougänglech. D'Haaptentrée vum Centre commercial ass zur Säit vum bd Raiffeisen/bd Kockelscheier do soll och eng ëffentlech Plaz entstoen. En 2. Agang gëtt um bd. Raiffeisen gebaut. Eng Tramhaltestell soll op der Récksäit vum Gebai entstoen also zwëschen dem Akafszenter an dem Schoulcampus. Am Oktober 2018 soll de centre commercial Cloche d'Or fäerdeg sinn.

D'Gebai vu Price Water House mat 41.000 m2 a wou hir Universitéit installéiert ass ass fäerdeg. Nieft dem neie Gebai ass en zousätzleche Parking fir 221 Autoen installéiert, dëse Parking soll awer nëmme provisoresch si bis dass den Tram rullt duerno gëtt en an e Bauterrain ëmgewandelt. Wat do drop soll kommen ass nach net definéiert.

Dann hunn och d'Aarbechten fir den campus francophone ugefangen : d.h. d'école française: den enseignement primaire a secondaire, de Lycée gëtt zur Säit vum bd de Kockelscheier gebaut, Primärschoul zur Säit vum neie bd urbain, et gëtt e Schoulkomplex mat ongeféier 2300 Schüler an 160

Leit Personal deen awer nach méi Potential huet. D'Aarbechten sollen fir d'Rentrée 2017/2018 ofgeschloss sinn. Geplangt ass och nach een grousse Sportkomplex.

Mat der Reform vun de Rettungsdéngschter kréien Pompiers'en an d'Protection civile bis 2020 een gemeinsamt Hebergement am haitegem Rond-Point Gluck: den „Centre national d'incendie et de secours", kuerz Cnis genannt. D'Struktur ass an 2 Zonen opgedeelt. An der 1. Zone sinn d'Kasär vun den fräiwëllegen an haaptberufflechen Pompjee'ën vun der Stad Lëtzebuerg, d'Administration de secours, den 112 an den Institut national de formation des services de secours ënnerbruecht.

An der zone 2 sin déi technesch Installatiounen fir déi sportlech an praktësch Ausbildung vun den fräiwëllegen an haptberufflechen Pompje'ëen ënnerbruecht. Këschtepunkt vum Projet ronn 141 Milliounen Euro.

Wat de neie Park ubelaangt wëssen mir nach ëmmer näischt ausser dat de bureau d'études deen hätt sollen de Projet maachen net méi besteet. Mir bestinn nach ëmmer drop dat den Hondssportsterrain do bleift wou en ass an dat et fir Gaasperech en Attrait ass, well den Hondsclub ass e Veräin deen immens gutt schafft, kann ee soen dat iwwer 100 Muppe Sonndes do um Terrain sinn.

Spillplazen an ëffentlech Plazen

D'Hondstoilette ass jo dann op Wonsch vun verschidden Awunner am englesche Gaart installéiert ginn. Mir haten een Enclos an der Mozartstrooss gefrot an der Géigend vum Asyl, da wären d'Muppen schonn propper wann se géifen duerch de Quartier spadséieren goen.

Wat Place Sauerwiss ugeet wëssen mir nach ëmmer näischt, de Projet ass op engem Anniversaire vun der Usill virun 2 Joer virgestallt ginn mee den IVG ass bis haut nach net kontaktéiert ginn obwuel mir dat gefrot haten.

D'Sécuritéit a Propretéit

Mir hunn regelméisseg um Comité de prévention élargi vun der Gemeng deelgeholl. Anscheinend gëtt et dëse Comité net méi mee par contre fonctionnéiert de Comité de prevention nach wou d'Staatlech an d'Gemengenautoritéiten souwéi d'Police an d'Usill deelhuelen fir iwwert d'Sécherheet an der Stad ze diskutéieren. Dann bestinn nach eenzel Comité'en wéi z.b. mam Garer Quartier. Wou ass hei den Dialog mam Bierger deen Comité de prevention élargi huet gutt fonctionnéiert, sécher en war net ëmmer agreabel vir verschidde Leit vun der Politik an der Police. Wann een dann nach an der Presse gewuer gëtt wéi einfach verschidde Leit et fannen fir eppes wat si net wëllen deenen aneren an d'Schong ze schëdden kann een sech mol Suergen maachen wat alles sou am Hinterstübchen gemauschelt gëtt.

Mir hu misse feststellen, dat et duerch ganzt Land ëmmer méi zouhëlt mat den Abréch a Gewaltattacken a mir sinn der Meenung dat Policekontrollen absolut musse verstäerkt ginn. Mir begréissen och dat an der neier Reform de Commissariat de proximité zu Gaasperech soll bleiwen a mat Märel zesummengeluecht soll ginn mee mir hoffen awer och dat dat jëtzegt Commissariat opgestockt gëtt an dann d'Beamten fir de Quartier zur Verfügung stinn an net rëm fir soss wellech Aktivitéiten ofgezunn ginn. Aarbecht ass genuch do.

Mir krute vun der Gemeng den Opruff fir un der Fréijoersbotz deelzehuelen, dat hu mir un d'lokal Veräiner viruginn an hunn der Gemeng verschidde Plaze matgedeelt wou muss gebotzt ginn, wéi z.B. vum Rond-point erop laanscht Gluckstrooss an nieft dem Chalet an der Hogenbergstrooss.

Mir haten de Minister Bausch drop ugeschwat dat d'Gemengenautoritéiten eis ëmmer soen dat mir an der Gaasperecherstrooss keng Zone 30 kënnte kréie wëll d'Servicer vum Transports dat géifen ofleenen, hien huet eis gesot mir sollen de Gemengeservicer matdeelen dat seng Servicer hir Usiichte geännert hunn an dat se sollen en neie Projet eraschécken deen dann och géif ugeholl ginn. An deem Sënn hu mir e Courrier un de Schäfferot gecheckt an kruten och alt erëm wéi soll et och anescht sinn, eng negative Äntwert.

Och sinn mir der Meenung dat den Transitverkéier vun den Gefierer iwwer 3,5 T näischt am Quartier ze sichen huet an datt soll Reglementatioun kontrolléiert ginn, dat selwecht gëllt fir Zone 30.

Dann nach zu den Nuetsflig:

Zënter dat den Här Bausch Minister ass, dat ass vun 2013 un, sinn d'Nuetsflig vun 1.256 op 1.806 eropgaangen, d.h. vun 461 Passagéierfliger op 699 an vun 795 Transportfliger op 1.107. Dat ass net ze toleréieren, wann een weess wéi geféierlech den Feinstaub an de Kaméidi fir d'Gesondheet vun de Mënschen ass. Eng Etude huet bewisen dat eng Boeing 747 oder 777 an der Moyenne 600 bis 800 kg kérosène um Buedem verbrennt an 1.500 bis 2.500 kg während den éischten Minutten wann se eropgeet an dat an engem Ëmkrées vun 15 Kilometer vum Fluchhafen. Den Airbus 320 oder Boeing 737 verbrennt an der Moyenn 100 bis 150 kg um Buedem an 500 bis 800 kg während den 2 éischten Minuten wann se eropgin.

Dobäi kënnt elo dann och nach den Kaméidi an Pollutioun vun de Camion'en an Maschinnen vun deen sëllechen Chantiere'en aus dem Ban de Gasperich, am Summer hunn d'Aarbechten Mueres géint 5 Auer ugefangen an dann huet et dacks bis Owes hallwer 9 gedauert bis Rou war an dat während der ganzer Woch a Samschdes och, et war och keng Chantierspaus während dem Congé kollektiv, do sinn Déblaien vum Centre Hamilius hei deposéiert ginn an den ganzen Dag ass e Concasseur gelaf, dann am Wanter elo lafen ganz Nuecht Pompelen, ugefangen gëtt dacks schonn um 5 Auer, da lafen Betonnière. Luuchten vun deen Kranen liichten op de Quartier, jee et ass eng Situatioun déi schlecht ze erdroen ass. Vum Stëbs net ze schwätzen wann de Wand aus där Richtung kënnt.

Mir bestinn drop dat d'ITM hirer Aarbecht no kéint an déi Chantiers'en kontrolléiert an dat de Ministère de l'Environnement mol Miessstatiounen opstellt fir den CO^2 an déi net verbrannten Partikelen ze moossen. Mir bestinn ebenfalls op eng Etude fir ze kucken wat fir Konsequenzen deen villen Verkéier vum ganzen Ensembel wäert fir de Quartier hunn.

Mir hate jo gefrot fir d'Zebrasträife besser ze beliichten. Do krute mir gesot datt Quartiere'en vun der Stad géifen no an no besser securiséiert ginn. Bis haut ass nach näischt geschitt. Mir hunn och gefrot fir d'Beliichtung a verschiddenen Deeler vum Quartier ze verbesseren och do geschitt näischt. Op vill Bréiwer déi mir un d'Adresse vum Schäfferot schécken kréien mir keng Äntwert, si ginn ganz einfach ignoréiert.

Sou, dat war de Rapport vun 2015 wann der nach Froen hutt fäert net

Ech soen Iech Merci fir är Opmierksamkeet.

Jacquie Lakaff